# DE JANG ALS AUTOMAT

E löschtege Stodentestréch
an engem Akt

vum

**Henri COLLIGNON**

1952
Drock a Verlag vum P. WORRÉ-MERTENS, Letzeburg.

PERSO'NEN:

**Geiz,** en ale kneckege Rentier.

**Jang,** sein Denger.

**Albert,** Stodent, Neveu vum Geiz.

**Fritz,** Stodent, Frend vum Albert.

★

D'Steck dre't sech zo' am Geiz senger Stuff, se ass einfach miwle'ert, eng Dir rechts gét an d'Kichen, eng lenks an den Hausgank, wa me'glech lenks eng Fenster, de' op d'Strôss weisst, an der Mött stét en Dösch, op de Seiten en etlech Still, an am Hannergrond nach e klengen Dösch mat Bicher.

## 1. Szén.

Wann de Rideau opgét, setzt de Jang op dem Dösch an der Mött a steipt sech op d'Kirbîscht, en huet e gro'sst blot Schirtech un, wo'vun dén én Eck hanner d'Schno'er vum Schirteg gestach ass, e mecht e verdresslecht Gesîcht a reselt de Kapp wann en ufängt ze schwätzen.

**Jang:** Wann ech nömme we'sst wat a mein Hèr gefuer wier, all Dag get et schlömmer mat him, wann dat nach e beschen so' weider gét, gin ech meng âcht Dég, well ech wéss net me' we' ech soll mâchen fir datt et him recht ass. Wichsen ech d'Zömmeren, dann hécht et, a wievill Wichs hues de nés drop geschmiert, et geseit é gudd dass du se net brauchs ze stellen, wichsen ech se net, da sét en, a wuerfir bezuelen ech dech eigentlech? Fir dass de mech am Dreck sötze le'ss, duerfir brauch ech kén, an so' ass et mat alles, mat alles, mat alles. Awer ech wéss wat et ass, seng ongeheier Kneckegkét, de' le'sst em Dag an Nuecht keng Ro', ech wösst mol gèr, we' dat komm ass datt en so' kneckeg go'f, e war dach fre'er net so', nach fir e puer Joer hätt ech mer keng besser Plâtz gewönscht, awer ewell - -

## 2. Szén.

**Geiz:** (könt eragestirmt, en ass an Hiemsärm, huet é Schong un, dén aneren huet en an der Hand. De Jang ass eso' erfe'ert, datt en emol net drun denkt fir vum Dösch erof ze sprangen.

**Geiz:** (an engem Eifer, iwerdém wo' en dem Jang dén é Schong önnert d'Nues hält) Sin dat do Schong gewichst, knapps datt den Dreck all erof ass, awer keng grimmelchesgretz Wichs

ass drun, wann ech matt déne Schong an d'Wâsser gin, mussen se dach direkt kapott sin. (e mecht op émol gro'ss A'n) A wat gesin ech, amplatz ze schaffen, setzt hien gemitlech hei um Dösch!

(De Jang sprengt huerteg erof a léft op de' aner Seit)

**Geiz:** Ass dat eng art a weis, sin dat Mane'eren, an nach grad op dér Platz, wuer ech mech setzen fir z'iessen. (e béckt sech a richt op dér Platz wo' de Jang so'tz.

**Jang:** (firt mat der Hand iwer d'Box, richt dann un der Hand a schmunzt.

**Geiz:** (geseit et a get dorop ere'scht rosen) Wat, michs d'och nach gèr de Geck mat mir? Well hun ech es awer grad genug, raus un deng Arbecht. (e weisst mam Fanger op de' rechts Dir.)

**Jang:** (huerteg mat der Kirbischt dohinner fort).

### 3. Szén.

**Geiz:** (setzt sech an dét dén é Schong un, iwerdém iergert en sech virun) Ass dat net eng Onverschimthét fir nach wöllen de Spott mat mir ze mâchen, wo' ech a mengem volle Recht sin. Wann ech ké misst hun fir mer alles an Uerdnong ze halen, da we'sst ech wat heis, awer eso' — — dén do ass we'negstens alt nach e'erlech, e râcht net an ech hun nach nie gesin, datt en drenkt, wann ech en aneren hätt, dé ge'f mer och nach de' puer Zigare râchen an de' Fläsche Wein drénken, de' é muss hun wann emol e Mensch op Besuch könt. (en hölt vum Niewendösch eng Zeidong a setzt sech un den Mötteldösch fir ze liesen. Nodém en eng weil ro'eg geliest huet, sprengt en op a sét) A wat ass dat do? Dat muss ech nach eng ke'er liesen. (e liest hart) Engem jonge letzeburger Ingénieur ass et gelongen én élektresch gelenkten, vollautomateschen Roboter z'erfannen, dén esoze'son emstand ass en Hausdenger bal vollwerteg z'ersetzen. De Roboter huet en Aussin we' en ausgewuessene Mensch, eng Batterie de' agebaut ass, liwert d'élektresch Energie. Den eigentleche Mechanismus ass nach e Geheimnis, well d'Patentakten vu verschiddene Länner nach net ofgeschloss

sin. So' weit ons bekannt ass, soll durch e special geschlaffe Glas, dat amplatz vun den A'n agebaut ass, all Wenk a Befehl op eng Fotozell iwerdroe gin, a vun do aus sech op de Mechanismus auswirken. Mir hoffen datt de jonge Letzeburger mat senger Erfindong vollen Erfolleg huet, well engerseits ge'ī et virun der ganzer Welt beweisen, datt de letzeburger Erfindergéscht net ausgestuerwen ass, an anerwärts wier eso' en Automat dozo' beruff, grad déne Leit e gro'ssen Dengscht ze léschten, de' duerch d'Entwertong vum Geld bal net me' an der Lag sin, sech en Hausdenger ze halen. (de Geiz kuckt en Ableck nodenklech rîcht fort) Grad mei Fall, wann ech net all Su geng zesummen halen, hätt ech schon missen Land a Böscher verkafen, fir duerchzekommen, awer dat do, soll dat me'glech sin, et ass dach bal net ze gléwen, datt en Automat de' Arbecht soll könne léschten, de' e Mensch micht. Opjiddefall get sech emol emfrot. Den Önnerhalt kann emmerhin net deier gin, wann eng Batterie duer gét, fir de Strom ze liweren. Awer we' he'ch soll den Uschafongspreis sin? Wann dén net ze he'ch ass, da wier et eppes fir mech. (e bedenkt sech én Ableck, schle't dann mat der flacher Hand op den Artikel a sét) O'ni Zweiwel, dat wier eppes fir mech!

### 4. Szén.

**Jang:** (ass bei déne leschte Wierder bis an d'Dir kommt, an huet nach he'ren, wat sein Hèr gesot huet) Sot Hèr!

**Geiz:** (kuckt eng ke'er erfe'ert op, we' én dén op fröscher Dot erdapt get, dann iergerlech) Wat ass dann elo erem?

**Jang:** Wat fir e Paltong soll ech iech brengen, fir spaze'ren ze goen?

**Geiz:** So' eng domm Fro, dén, dén heibei passt, a mein Hutt a mei Bengel net vergiessen.

**Jang:** Jo Hèr. (of)

**Geiz:** (micht mam Bleisteft en Zéchen bei den Artikel, hölt dann d'Zeidong, falt se me' kleng zesummen a lét se op de klengen Dösch töschend zwé Bicher) De' hei get sech emol versuergt, de' Sâch elo könt mer net aus dem Kapp.

**Jang:** (könt eran, e lét de Bengel an den Hutt op den Dösch an helleft dem Hèr de Paltong undoen.

**Geiz:** Lo hat ech bâl eppes vergiess, mein Neveu, den Albert huet sech fir de Mötteg mat engem Frönd ugemeld, fir d'Möttegiessen, wann e vleicht ke'm e'er ech erem sin, da ges de eng Fläsch Wein zum Bèschten, awer vun dém böllegsten, dén ass an dém Fall gudd genug, an engems kanns du en drop firberéden, datt dat net ze't bei mir, fir nach é matzebrengen fir z'iessen, hei ass kén Hotel, dat get guer net ugefangen.

**Jang:** Jo Hèr.

**Geiz:** (iwer dem ofgon) Iwer eng Stonn sin ech erem, mâch datt bis dann d'Haus an der Rei ass, a wat mein Neveu ubelângt, wéss de Beschéd. (lenkerhand of)

### 5. Szén.

**Jang:** (kuckt em no a reselt de Kapp, da gét e rechterhand fort, könt awer gleich mat der Kirbîscht erem, e reckelt d'Still, a kirhrt d'Stuff, iwerdém wo' e schwätzt) Ass et ewell so'weit datt e sengem Neveu mol neischt me' wölt z'iesse gin, an dé böllegste Wein soll ech serve'ren, dén eso' sauer ass datt é könt en Hond dermat vergöften, nén, nén, d'ass net erlâbt! Awer wart, wann de' zwe'n nömmen zur Zeit kommen, da kre'en ech d'Sâch an d'Rei, ech lossen dé Jong gewess so' fort gon, duerfir hun ech e vill ze gudd ze brauchen, wat war dat all Jor e Liewen am Haus, wann en hei an der Vakanz war, an elo soll ech en eso' behandlen, d'könt net a Fro. (en ass so'weit fèrdeg mat kihren, dre't d'Kirbîscht fort, könt mat enger Handbîscht an enger klenger Schöpp den Dreck ophiewen, dre't e fort, könt gleich erem a fengt un d'Still op hir Platz ze stellen. Op émol rîcht en sech mat engem Ruck op) Ah elo denken ech un eppes, wuerfir huet mein Hèr lo e'nescht gesot ‚O'ni Zweiwel. dat wier eppes fir mech!» E muss dach eppes extraes an der Zeidong gesin hun. A wuer huet en se nömme gedoen? (e sicht iwerall a fönd se dann töschend de Bicher) Hei, en huet se nach ewell so' halwer verstoppt. (e lét d'Zeidong op den Dösch a

stellt sech un de Kapp dervun, so'datt e mam Gesîcht zo' de Leit kuckt, e sicht an der Zeidong) Ech mengen et misst op der zwéter Seit gewiescht sin, wo' e mat der Hand drop geklappt huet. Aha, hei muss et sin, hei ass en Zéchen derbei. (e liest den Artikel a micht ömmer me' gro'ss A'n, wann e fèrdeg ass, rîcht en sech op a kuckt rîcht fort) Soll dat do dann me'glech sin? Op jiddefall wéss ech ewell wo' ech mat mengem Hèr dru sin, hien wier menger gèr lass. (e le'st en Abléck de Kapp henken, da könt en zo' engem Entschloss) Ah nén, so' lossen ech mech nach net op eng Seit setzen, nach haut gin ech op de Bureau de placement mer eng aner Platz sichen. (e setzt sech op e Stull a steipt de Kapp an d'Hänn, én Ament drop klappt et un der Dir).

(Jang stét op a sét): Entrez!

### 6. Szén.

Albert a Fritz kommen eran. et sin zwe'n flotter Borschten, fein gekléd, et huet kén en Hutt op. Den Albert gét op de Jang duer a get em d'Hand) Bonjour ale Frönd, we' gét et, hei stellen ech der mei Komerod Fritz vir. (zum Fritz) An dat hei ass mengem Mononk sei gudden Hausdenger, de Jang, mat dém ech mech ömmer eso' gudd verstanen hun, wann ech an der Vakanz hei war. (de' zwe'n gin sech d'Hand, dann zum Jang) Wat gesin ech Jang, du michs eso' e verdresslecht Gesîcht?

**Jang:** Ech wéss och wuerfir, ech hu mech elo grad entschloss, mer eng aner Platz ze sichen.

**Albert:** Wats du net séss, et wärt dach net sin!

**Jang:** Ma dach, et ass mer decken Iescht.

**Albert:** We' ass dat dann nömme kommt? Well bass de dach secher bal zeng Jor hei, a wölls elo op émol fort.

**Jang:** (traureg) Et si schon me' we' zeng Jor, datt ech hei sin, an ech hat net gemengt, eng ke'er so' hei fort ze gon, awer et ass net me' zum Aushalen bei mengem Hèr, ech ka mâche we' ech wöll, et ass nie gudd.

**Albert:** Soss set der dach ömmer eso' gudd matenén auskomm.

**Jang:** Meijo, duerfir kann ech et och net verstoen, alles ass em ze deier, an nach net gudd genug, et ass nömmen eleng seng Kneckegkét, wuerfir et net me' hei gét, an de' hölt vun Dag zu Dag zo'. Wann ech nömme we'st, we' dat komm ass datt hien eso' kneckeg go'f, e war dach soss net eso', awer ech verbabble meng Zeit, a lossen iech hei stoen. Huelt iech Platz dir Hèren, dann serve'ren ech emol eppes, well wa mein Hèr bis erem ass, da get et net me' vill. (de' zwe'n huelen sech Platz).

**Albert:** Wo' ass mei Mononk dann, ass en net hei?

**Jang:** En ass spaze'ren, iwer eng gudd halew Stonn wärt en erem sin. (e gét rechts aus)

**Albert:** Dat do wölt mer net aus dem Kapp, datt de Jang wölt fort goen, ech muss versichen, him dat auszeschwätzen.

**Fritz:** Jo, probe'er dat, et geseit én dém arme Mann of, datt et em schwe'er fällt fir fort ze gon.

**Albert:** Dat ass wo'er.

**Fritz:** Et kann én et och gudd verston, wann é schon iwer zeng Jor hei ass, we' e selwer sét.

**Albert:** Dat do muss ech erem an d'Rei kre'en, a wann ech mengem Mononk gehe'reg de Kapp misst wäschen, ech hu mech allzeit gudd mam Jang verstanen.

**Jang:** (könt eran, en huet e Plateau mat enger Fläsch Wein, 2 Glieser an én Tire-Bouchon, e micht d'Fläsch op a schött eraus) So' dir Hèren, lo huelt der emol e Schotz.

**Albert:** (hölt d'Fläsch a bekuckt d'Etiquette) Ma so mol Jang, wat hues de dann hei bruecht, dat hei ass jo dé mansten dé mei Mononk am Keller huet, ech kennen seng Marken nach auswendeg.

**Jang:** E'er hien fort gangen ass, huet e mer gesot, du hâss dech ugemeld mat engem Frönd vir d'Möttegiessen, an huet ubefuel eng Fläsch vun deser Mark zum Beschten ze gin, am Fall wo' dir gengt antreffen, e'er hien erem wier.

**Albert:** Ass et ewell so'weit?

**Jang:** Schmâcht emol, da wärt dier fannen, datt et ké schlechte Wengchen ass, zur Virsîcht, hun ech nömmen d'Etiquette gewiesselt. (Albert a Fritz lâchen hart).

**Albert:** Abé Jang, ech gesin du bass nach ömmer dé selwegten, du wéss der ze hellefen.

**Jang:** (schmuntzt a gét erem an d'Kichen.)

**Fritz:** De' do ass net schlecht, so' al Bedengter brauch kén eppes ze weisen. (se drenken e Schotz) Hm, dat hei ass e gudd Kreitchen, dé gét engem an d'Nues.

**Albert:** Et ass dé beschten aus dem Keller, et ass net de' e'scht Fläsch de' de Jang mir zo'komme le'sst, fir sech selwer wier en net so' kéng drun ze gon.

**Fritz:** Eng trei Haut dé Jang, well verstin ech wuefir datts du so' gudd vun him geschwat hues.

**Jang:** (könt mat engem anere Plateau mat Bro't, Hâm an Zosis, 2 Telleren, Messeren a Forschetten a fenkt gleich un d'Geschirr ze verdélen.)

**Albert:** Awer Jang, wat mechs de? Et ass geschwön Mötteg, an ech hun ons ugemeld fir d'Iessen.

**Jang:** (gene'ert) Ech wéss wuefir ech et mâchen, awer ech kann der et bal net soen.

**Albert:** We'so'? Du hues dach secher viru mir keng Geheimnesser, raus mat der Fârw.

**Jang:** (kuckt eng ke'er gene'ert op de Fritz) Mein Hèr huet sech geirgert, datts du e Frönd mat ugemeld hues, e sot hei wier kén Hotel, an duerfir hun ech virgebaut. Nu huelt iech hurteg erof a losst iech et gudd schmâchen, ech hätt nés gèr alles op der Seit wa mein Hèr hém könt.
(Albert a Fritz lossen sech et net zwémol son a greifen dichteg zo', iwerdém gét d'Gespre'ch virun, so'bal se hir Glieser eidel hun, schött de Jang nés eraus).

**Albert:** Wanns du et net wiers, dé mer eso' eppes geng verzielen, da ge'f ech et net gléwen, well vun déer Seit kennen ech mei Mononk nach guer net.

**Jang:** Da geseis de jo we' et ass, zönter engem Jor fenkt en un so' kneckeg ze gin, an et get ömmer schlömmer, et ass nömmen eleng doduerch datt ech wöll fort gon.

**Albert:** Mei le'we Jang, du duerfs de' Sâch net eso' tragesch huelen, ech mengen ech we'sst schon elo wat dohannert stecht. Kuck, Jang, duerch d'Entwertong vum Geld kritt mein Mononk als Akommes nach knapps en Dröttel vun dém wat e soss kritt huet, an doduerch ass e secher an der Angscht, et geng em net me' duer mat den Zönsen, an e misst schliessiech u sei Kapital goen.

**Fritz:** (wenkt Beifall, fir ze weisen datt en d'Sâch verstét).

**Jang:** Duerfir kann ech dach awer net, wuerfir le'sst en dann sein Eifer u mir aus.

**Albert:** Dat ass eigentlech net sche'n vun him, awer Jang du wärs gesin, so'bal we' en ageseit, datt et em nach ömmer gudd duer gét, wärt et schon nés besser goen.

**Jang:** Wann ech dat wösst, awer ech trauen der Sâch nömmen hallef.

**Albert:** Da wéss ech och elo, wuerfir e mer vun der leschter Vakanz un ké Sou me' zo'komme geloss huet. Oh Donnerwieder, an et ass haptsächlech duerfir datt ech haut heihinner komm sin.

**Jang:** Mei le'wen Albert, dén Zant kanns du der ro'eg ausze'en.

**Albert:** Nujé, et siew dann, mè deng Sâch muss ech an d'Rei kre'en, a wann ech mei Mononk muss kämmen no den No'ten, du duerfs net fort gon.

**Jang:** Oh Mamm, so nömmen neischt vu mir, soss iwerwerfs du dech och nach mat him an dat wöll ech net hun, fir mech huet et jo dach ké Wert me', op wat fir Idéen datt e könt, dat wöll ech der elo mol weisen. De muergen wie ech sollt erakommen fir en eppes ze froen, hat en de' Zeidong hei op dem Dösch leien, en huet mat der Hand op eng Platz geschlon a gesot «O'ni Zweiwel, dat do wier eppes fir mech». We' e fort war hun ech d'Zeidong gesicht a gekuckt wat dat sollt bedeiten. Hei lies emol dén Artikel, dé mam Bleisteft gezéchent ass, da geseis de u wat hie plangt.

**Albert:** (hölt d'Zeidong, liest den Artikel, röselt de Kapp a récht dem Fritz se dann. Nodém de Fritz geliest huet, sét en zo' em) Wat sés du dozo', ass dat do eng Farce oder soll so' eppes me'glech sin, du kenns dech besser doran aus, wells de dat Fach vun der Elektrotechnik stode'ers.

**Fritz:** Dat do ass e beschen iwerdriwen, e Roboter ass gudd fir énzel Handréchongen ze mâchen, e kann awer nie en Hausdenger ersetzen, dat ass ausgeschloss.

**Albert:** Ma so mol Jang, gléws du dann datt mei Mononk wirklech un eso' eppes plangt?

**Jang:** (traureg) Ech gléwen et net nömmen, ech sin so'guer iwerzégt dervun an duerfir gin ech nach haut no enger anerer Plâtz kucken.

**Fritz:** Da ge'f èren Hèr awer e schlechten Tosch mâchen, ech ge'f em wönschen, datt en sech misst eng Woch mat so' engem Automat eremploen, da sollt der gesin, wat en iech nogelaf ke'm, fir datt der sollt eremkommen, an da wier dir bestömmt nés eso' zefridden mat him we' hien mat iech.

**Jang:** Ech wönsche mengem Hèr neischt Schlechtes, mè no all dém wat hie mer de' lescht Zeit ugedoen huet, ge'f ech him et vergonnen, datt en op de' Mane'er geng gudd erafalen.

**Albert:** (sprengt op) Jongen, Jongen, dir brengt mech op eng gudd Idi.

**Fritz:** Wann et nömmen eng gudd ass, well so'weit we' ech dech kennen, has du schon allerhand Idien.

**Albert:** Mâch de geck net, et ass net nömmen eng gudd Idi, et ass schon e regelrechte Kre'gsplang, wann dé geléngt, da get et net nömmen zwo' Mécken mat engem Schlag, da get et der so'guer drei.

**Jang:** Du michs é gespânt, los mol he'ren wats de plangs.

**Albert:** (huet en Ablék de Kapp an d'Hänn gesteipt, we' wann e geng nodenken, op émol lâcht en hart op) Nu passt emol gudd op an da sot der èr Ménong, wann dir es dann d'accord sit, a mer brengen de' Sâch richteg ronn, dann ass e'schtens, mei Mononk kure'ert, zwétens bleiwt de Jang op senger Platz, an dröttens kommen ech zo' dér Mönz, de' mei Mononk mir o'ni Ursâch dat lescht Jor virenthalen huet.

**Fritz:** Du michs é virwötzeg, du wärs dach net als Wonnerdoktor hei optrieden

**Albert:** Dat net, mir verkafen nömmen mengem Mononk eso' en Automat.

**Fritz:** A wo' höls de dén dann hir?

**Albert:** Ech hun e schon (e weist op de Jang) Hei setzt en!

**Jang:** (micht gro'ss A'n) Ech en Automat?

**Albert:** Jo, an nachwell én dé mengem Mononk den Damp ka warm mâchen.

**Jang:** Dat do verstin ech net.

**Fritz:** We' mengs de dat dann?

**Albert:** We' lang mengs de datt et nach zo' gét bis mei Mononk erem könt?

**Jang:** Vleicht nach eng Ve'relstonn.

**Albert:** Dat gét duer fir d'Sâch an d'Rei ze brengen. Nu lauschtert, elo dét de Jang sech un a gét bis duer önnen op den Eck an dé Café, mir zwé bleiwe gemächlech bei der Fläsch hei sötzen, wa mei Mononk da könt da soe mer, de Jang hätt ons de' hei nach serve'ert an du wier en op de Bureau de Placement gangen, fir sech eng aner Platz ze sichen, en hätt gesot, e könt net me' hei bleiwen, et wier einfach net me' auszehalen. Wa mei Mononk dann net selwer ufänkt vun dém Artikel aus der Zeidong ze schwätzen, da musse mir sichen d'Gespre'ch drop ze brengen. Duerno stellen ech dech, Fritz, als Erfinder vun dém Roboter vir, mir wieren do önnen am Café fir e virzefe'ren, an hätten wöllen d'Gelégenhét benotzen, vir him Bonjour ze son.

**Fritz:** Ech verstinn nach ömmer net wo's de hinaus wölls.

**Jang:** An ech nach vill manner.

**Albert:** En Ablék, da verstitt der et allebe'd. Mei Mononk hätt da bestömmt och gèr datt mer him dén Automat genge virfe'eren, da ges du de Jang sichen an da gét den Zirque lass.

**Jang:** We' mâchen ech dat dann, ech sin dach kén Automat an hun a megem liewen nach ké gesin.

**Albert:** Ech och net, mè mei Mononk awer och net, an duerfir geseit hien net op et e richtegen oder e falschen ass. E puer

Artikelen misst de natirlech hun, dat wier eng Combinaison oder einfach blo Schaffgezei, en donkle Bröll an eng einfach Mask we' d'Fuesboken der op dinn, natirlech keng zefill eng grugelech, datt en dech net fèrt, duerzo' nach e Berét-Basque, a fèrdeg ass de Roboter.

**Jang:** De' Sâchen do hätt ech wirklech all a mengem Schâf, ech raumen lo nach huerteg of an da lafen ech kucken. (en dre't alles fort bis op d'Fläsch an d'Glieser a bleiwt dann é Moment dobaussen. De' aner zwe'n man an dér Zeit eng Zigarette un).

### 7. Szén.

**Fritz:** A wat fir eng Roll soll ech dann dobei iwerhuelen?

**Albert:** We' gesot, ech stellen dech vir als den Erfinder, du gebrauchs e beschen technesch Ausdréck, fir d'Sâch z'erklären, dû häls dech dobei un den Artikel aus der Zeidong. So'bal mei Mononk eppes sét fir en ze gesin, da gés de drop an, a gés de Jang sichen.

**Fritz:** Solle mer en dann op Pro'f hei lossen oder we' solle mer et domat mâchen?

**Albert:** Ma dat ka sin, mir verkafen him en. Soss huet e mir all Ve'reljor 500 Frang geschéckt, an det Jor nach ké Sou, lo get d'Gele'genhét mam Schlapp geholl, vir mech ze revanche'ren. Du frés 2500 Frang derfir, well et d'Pro'fsteck ass, an der Sérienfabrikatio'n ke'men se ömmer nach 10 bis 15000 Frang, sés de, da wärs de gesin, da kre'e mer schon en Handel. Zum Schein marten ech nach mat dir, da ges de him e schliesslech fir 2000 Frang. Datt ech dech fir de Rescht vun onser Rés ziehrfrei halen, dat hält sech beim Lengend aus.

### 8. Szén.

**Jang:** (könt mat de Sâchen, e probe'ert de Bröll an d'Mask op) Ass dat hei gudd? (en huet d'Schirteg aus an sei Paltong un)

**Albert:** Sapristi! Ausgezéchent, nach Schaffgezei derbei, e Fischi an den Hals, de Berét op — und fertig ist die Kiste!

Nu nach eng kieng Pro'f, Fritz kommande'er emol de' Maschin an du Jang muss all Bewegongen zimlech zackeg mâchen, och wanns de gés, datt et sech maschineme'sseg ugeseit, also ugefangen.

**Fritz:** (bekuckt de Jang scharf a weist mam Fanger, e soll kommen, duerno weist e mat der Hand, zreck, dann, e soll em den Dösch gon, wann dat fèrdeg ass, weist en, e soll sech bei dé klengen Dösch stellen, an d'Hand drop léen, duerno, e soll sech setzen.

**Jang:** (mecht alles mat kurzen, zackege Bewegongen, o'ni z'iwerdreiwen, so' datt et richteg automatesch ausgeseit.

**Albert:** Bravo Jang, du hues d'Sâch bekäppt!

**Jang:** (dét d'Mask an de Bröll of a wéckelt alles an sei Schaffgezei an) We' mâchen ech et dann fir nés duerno hei eraus ze kommen, ech ka jo net ömmer als Automat hei bleiwen.

**Albert:** Beileiwe net, nömmen so'lang bis de mengem Mononk den Damp gudd warm gemach hues, an da gés de einfach un. Sit der allebe'd so' averstanen? De Rescht fönd sech.

**Jang:** Ech riske'ren et, hoffentlech reisst et rîcht.

**Fritz:** Ech sin och mat, dat do get e Spâss, dé mir so'bal net vergiessen.

**Albert:** Ech hoffen och, also d'Hand drop, datt spe'der kén dén aneren verre't, well ech wöll et trotz allem net mam Monni verdîrwen. (sie gin sech d'Hand).

**Jang:** Well get et awer he'ch Zeit, datt ech mech ewegmâchen, aha d'Zeitong nach op hir Platz. (e lét d'Zeidong nés töschend d'Bicher, wo' en se fond hat, hölt seng Sâchen a gét lenks of, an der Dir dre't en sech nach eng ke'er em) Also op gudd Gleck dir Hèren!

**Albert a Fritz:** Op gudd Gleck, Jang!

### 9. Szén.

**Fritz:** Mei le'wen Albert, ech si gespant we' dat soll ausgon.

**Albert:** Mengst de dann ech net, wann et schief geng, a mei Mononk ke'm derhannert, datt ech him de' agebrockt hätt,

da steng vill fir mech am Spill. Awer keno Bâng, et wärt scho goen. losse mer nach e Schotz drop huelen. (si schokken, drénken aus, den Albert verdélt de Rescht aus der Fläsch an d'Glieser) Mir musse mân datt d'Fläsch eidel ass wann de Mônni könt, soss kent hien emol op den Afall kommen e Glas matzedrénken, an da wier de Jang verroden. (sie mân eng Zigarette un a man sech et gemütlech).

**Fritz:** Dat wier schued, well dén Trick matt der Etiquette ze wiesslen, huet mer énzeg gefall.

**Albert:** Oh de Jang, dat ass en helle Kapp, an duerfir sin ech iwerzégt, datt alles mengem Plang no gét, fir eso' Konschten ze probe'ren, muss de deng Leit kennen.

**Fritz** Do hues de Recht, well vun him henkt alles of.

**Albert:** He'er mol, well ass mei Mononk schon do, e wärt dach de Jang net me' erbleckst hun.

## 10. Szén.

**Geiz:** (könt eran, bleiwt da ston a kuckt sech de' zwe'n e besche verwonnert un).

**Albert:** (sprengt op, gét op en duer a récht him d'Hand) Ah, Bonjour Monni, a we' gét et?

**Geiz:** (net ganz fröndlech) Et gét alt we' d'Zeiten et ausweisen.

**Albert:** Hei stellen ech iech mei Frönd, de Fritz vir, Fachmann an der Elektrotechnik. (zum Fritz) Mei Mononk, den Hêr Geiz.

**Fritz:** (dé mam Albert opgestanen ass, gét op de Geiz duer a récht him d'Hand) Hèr Geiz, et micht mer vill Plese'er èr Bekanntschaft ze mâchen, zemol well mei Frönd Albert mer schon so' dack vun iech an èrem gastfröndlechen Haus erzielt huet.

**Geiz:** (huet em d'Hand ganz nochle'sseg gin, an äntwert neischt drop).

**Albert a Fritz:** (huelen sech ganz ongene'ert nés Platz).

**Geiz:** Ma ech gesin dir huet iech et scho gemütlech gemâch. (iwerdém huet en d'Fläsch geholl, ganz onopfälleg d'Eti-

quette gekuckt an eng ke'er mam Kapp gewenkt, we' wann et wöllt son, ('t ass him sei Gleck»).

**Albert:** De Jang war so' fröndlech, ons de' hei opzedöschen, nömmen ech fannen, Monni, dir hat soss besser Marken am Keller.

**Geiz:** Oh, schmâcht en den Herrschaften vleicht net, et ass net all Dag Kirmes. (en huet iwerdém sein Hutt a sei Bengel op den Niewen-Dösch geluegt, dét sei Paltong aus, gét bis bei d'Kichendir a rift) Hé Jang, hé Jang!

**Albert:** Entschöllegt, Monni, de Jang ass elo grad net hei.

**Geiz:** (kuckt verwonnert em) Net hei, a wat erlabt dén sech, da muss ech meng Sâchen alt selwer ewech dron. (en hölt den Hutt, de Bengel an de Paltong, a gét zur Kichendir aus)

**Fritz:** Et schengt we' wann dein Hèr Monni net gudd gelaunt wier.

**Albert:** 'T ass wo'er, mè et ass grad de' richteg Stömmong fir onst Expériment.

**Geiz:** (könt eran) A wo' kann dé Mönsch sech erlaben fort ze gon, wo' ech net hei sin, an e le'sst aner Leit eleng am Haus.

**Albert:** Well ech derbei war, huet e gemengt, e könt ro'eg gon, an e sot et ge'f presse'ren, de Mötteg wier de Bureau zo'.

**Geiz:** Wat fir e Bureau? Huet en da we'negstens gesot wuer e geng?

**Albert:** (traureg) Leider jo, an ech sin doriwer ganz getuppt, e sot, e geng op de Bureau de Placement, sech eng aner Platz sichen.

**Geiz:** (mecht gro'ss A'n) Waat — — eng aner Platz sichen, a wuerfir?

**Albert:** Et fällt mer bal schwe'er et ze son, an ech kann et och bal net gléwen, e sot e misst sech eng aner Plâtz sichen, well hei wir et net me' auszehalen.

**Geiz:** (an engem Eifer) Huet en dat gesot? Wann ech geng son, mat him wier et net me' auszehalen, dat wier me' richteg, nén, so' en Tupie, 't mengt én, 't wier net me'glech!

**Albert:** Gelt Fritz, so' huet en awer gesot.

**Fritz:** Jo, jo, dat stömmt.

**Geiz:** (gét op an of) So' ass et awer, 't huet én, én Dag me' lerger mat so' engem Mönsch, we' dén aneren, a schliesslech soll hien et sin, dén et net me' kann aushalen. (fir sech) Wösst ech wat vun dém Artikel wo'er wier, sollt et mir égal sin.

**Albert:** (lauschtert op) Wat mengt dir domat, Monni?

**Geiz:** Zo'fälleg hun ech de Muergen an der Zeidong en Artikel geliess, wann dat stömmt, an ech hätt eppes eso', da könt e meinetwege gon. (en hölt d'Zeidong a weisst dem Albert den Artikel) Hei, lies dat do emol, an da séss de mer, wats du dervun hälls.

**Albert:** (liest ganz interesse'ert den Artikel, kuckt da frédeg op sei Monni) Ge'f dat iech interesse'ren?

**Geiz:** Meija, nachwell grad.

**Albert:** (zum Fritz) Et ass dén Artikel iwer dein Automat. (e stét an enger Begéschterong op a sét zum Geiz) Dat do micht sech gudd., hei sötzt den Erfinder dervun.

**Geiz:** Ass et me'glech, dé jongen Hèr do?

**Fritz:** (stét op micht eng kleng Reverenz, da sét en am lâchen) A liewensgre'sst, Hèr Geiz.

**Albert:** Mei Frönd ass well 14 Dég all Dag eraus, fir e virzefe'ren. De Wirt doönnen aus dem Café, huet sech derfir interesse'ert, an doduerch si mer haut hei. Mei Frönd hat mir gesot, datt e geng heilinner fueren, a well mer grad e scho'lfreien Dag haten, hun ech d'Geléenhét benotzt, a si matgefuer, fir iech emol nés eng ke'er Bonjour ze son. (zum Fritz) Et ge'f dir jo secher neischt ausmân, fir den Automat huelen ze gon., a mengem Monni en an Aktio'n ze weisen.

**Fritz:** Ech we'sst net wat ech le'wer me'ch, et gét mer jo grad derfir, fir meng Erfindong bekannt ze mâchen.

**Geiz:** Da sit so' gudd a gitt en huelen, ech si schrecklech gespânt, fir emol so' eppes ze gesin.

**Fritz:** Dann entschöllegt én Ableck, ech wärt geschwönn nés hei sin. (en drénkt sei Glas aus a gét lenks of).

## 11. Szén.

**Geiz:** Zönter dass ech dén Artikel geliest hun, könt de' Sâch mer net me' aus dem Kapp, iwer datt ech nach haut Geléenhét hätt, fir dé Roboter ze gesinn, dat wier mir am Drâm net agefall.

**Albert:** Ech hätt awer och net am gerengsten dru geduecht, datt dir iech gengt fir eppes eso' interesse'eren. Ént kann ech iech awer viraus son, wann eso' en Automat schon eppes wonnerbares ass, e kann awer kén Hausdenger vollwerteg ersetzen, an zemol kén we' de Jang.

**Geiz:** Jang hin oder hier, ech hun ewell de' lescht Zeit so' vill Ierger mat him agefriess, datt ech es scho midd sin, a wann hien so' we' so' net me' wöllt bleiwen.

**Albert:** We' ass dat dann nömme komm, datt dir zwe'n iech net me' richteg verstitt, elo ass de Jang dach schon so'lang hei we' ech wéss, an ömmer huet dat sche'nste Verhältnes töschend iech bestanen.

**Geiz:** Jo, dat ass wo'er, mir sin ömmer gudd matenén duerkomm.

**Albert:** An elo op émol soll et net me' gon. Wo'riwer huet dir iech dann eigentlech beim Jang ze bekloen?

**Geiz:** E brauch mer zevill, e spuert net genug, e verfiert grad we' wann mein Akommes nach so' deck wier we' fre'er, ech kann em honnert mol son, mâch me' lues mat desem, mâch me' lues mat dém, e bekäppt et einfach net.

**Albert:** Ma Monni, dir set dach tatsächlech net so' arm, datt der so' sollt misse spueren. Ech wéss jo datt èr Rent net me' den drötten Dél vum Wert huet vu fre'er, ma trotzdém, muss et iech am Vergleich zu aneren, nach gudd duer gon.

**Geiz:** Dir jong Kèrelen mengt dat eso' an èrem jugendlechen Lîchtsönn, dir mengt dat wier net auszescheffen.

**Albert:** Ech verstin jo, datt der iech net me' alles könt léschten we' fre'er, ma am fong geholl, kann de Jang duerfir so' we'neg we' dir selwer.

**Geiz:** Dat ass wo'er, mè da soll e we'negstens spueren.

**Albert:** Ech ka mer èrt Haus guer net o'ni de Jang virstellen. zönter dass ech als Bo'f heihinner ko'm, war en hei an zönterhier, si mir gudd Frönn zesummen. A kuckt emol op dir é fandt, dén eso' e'erlech ass, wier dir so' kéng ze behapten, en hätt ewell eng Fläsch Wein hémlech gedronk?

**Geiz:** Nén dat net, e'erlech ass en, dat muss én him lossen, awer ech hun e jo net fort gescheckt, en ass jo vum selwe gang, sech eng aner Platz sichen.

**Albert:** Dat stömmt, nömmen duerch wiem seng Schold ass et dann so weit komm, wann der em eppes ze son hat, hätt der et sollen am gudde son, domat erréch én nach ömmer am méschten.

**Geiz:** Ma du schwätz we' e Buch, 't mengt é grad ech hätt de Jang gefriess oder zum mindesten Hals iwer Kapp hei eraus geheit.

**Albert:** Awer Monni, verstitt mech net falsch, kuckt wann der elo én hätt, dén iech de Wein geng drénken, d'Zigare râchen oder iech d'Uebst aus dem Keller geng verkafen, dann hätt der Ursâch iech ze iergeren.

**Geiz:** Grad duerfir hätt ech Spâss mat eso' engem Automat, dé könt én dach we'negstens net op de' Mane'er dru brengen.

**Albert:** Do huet der Recht, losst iech en emol weisen, ma wann en iech net gefällt, da kuckt datt der nés mam Jang éns get.

**Geiz:** Hues de keng Ahnong wat so' en Automat kascht?

**Albert:** Mei Frönd ass a Verhandlong mat enger schweizer Firma, am énzelnen ge'fen de' se liwren fir 2000 schweizer Frang, a wann se serieweis liwre können, ge'fen se töschend 1000 bis 1500 schweizer Frang kaschten, an onsem Geld ass dat eppes me' we' zengmol so' vill.

**Geiz:** Oh, dat wier nach deier.

**Albert:** Ech fannen et net deier, well én duerno ké Lo'n, keng Krankekés an neischt me' ze bezuelen huet, nömmen all Mo'nt eng ke'er d'Batterie föllen ze lossen, dat kascht vleicht 20 Frang.

**Geiz:** Op de' mane'er wier et eigentlech net deier, awer we'ni könt dei Frönd engem é liwren?

**Albert:** Et ass emstand e verkéft iech dén, dén e bei sech huet a vleicht kritt der e vill bölleger, well et eigentlech d'Pro'f-steck ass. He'ert, ech mengen do ke'm en dermat.

### 12. Szén.

**Fritz:** (könt eran a gét bis bal bei d'Kichendir, dre't sech erem a kuckt op de' aner Dir) Da get uecht, lo könt der dat Wonnerde'er gleich gesin. (e weist mam Fanger, komm, an da weist e mam Fanger erof op de' Platz, wuer en de Jang gèr ston hätt, niewend de klengen Dösch).

**Jang:** (könt als Automat verkléd, mat kurzen, richteg automatesche Bewegongen eran a stellt sech duer, wo' de Fritz gewiesen huet. En huet sein donkle Bröll op, doriwer seng Mask, de Fischi am Hals, um Kapp de Berét, an den Hänn Liederhänschen, an als Klédong eng blo oder brong Combinaison mat Ärm. — Wo' en Hochfrequenz-Apparat zur Verfûgong stét, kann én d'Sâch nach me' interessant mâchen. Den Apparat get baussend d'Bühn gestallt an d'Litz mat der élektrisir-élektrod get so' era gelét, datt én neischt dervu geseit, d'élektrod get op dé klengen Dösch geluegt hanner d'Bicher. So'bal de Jang zur Dir era könt, muss én den Apparat dobaussen aschalten, kommande'ert de Fritz de Jang a Ro'stellong, get ausgeschallt, stellt hien en nés eppes un, get ageschallt anso'weider. Natirlech duerf net vergiess gin auszeschalten, wann de Jang hanneno fortgét, soss he'ert én d'brommen vum Apparat nach.

**Fritz:** (weist de Jang soll d'Hand op den Dösch léen.

**Jang:** (mecht et a lét dobei d'Hand op d'élektrisir-élektrod).

**Fritz:** (hölt aus der Täsch d'Kontroll-Elektrod an hält se op verschidde Plâtzen wider de Jang, doduerch datt de Jang d'Hand op dem Elektrisirer leien huet, stét en önner Strom, an all ke'er lîcht d'Kontroll-Elektrod op, dat micht e verblüffenden Effet, — Wo' kén Apparat zur Verfügong stét, bleiwt dat eben ewech, da lét de Jang d'Hand nömmen op den Dösch.

**Fritz:** De' ganz Sâch bero't op Elektrizite't, de' Glieser de' der an der Platz vun den A'n gesitt, si spécial geschlaff, all

Wénk an Zéchen get, we' et schon am Artikel an der Zeidong erklärt war, duerch de' Glieser op eng so' genannt Fotozell iwerdron, a vun do op élektreschem Wé op de ganzen Mechanismus. Den Apparat get gespeist durch eng Batterie, de' ongefe'er a Broschthe'cht agebaut ass. De' hält 4 bis 5 Wochen, a kann bei jidier Garagist noföllе gelоss gin. Gewe'nlech sin d'Roboter a kubistescher Form gehalen, de Kierper,, d'Glidder, den Hals an so'guer de Kapp si ve'ereckeg. Ofweichend dovun hun ech d'Form vun engem normale Mönsch gewielt. dat wirkt net so' ofsto's-send, ass dat net wo'er, Hèr Geiz?

**Geiz:** Dach, dach, dat ass wo'er, so' mengt én emol net datt et en Automat wier.

**Fritz:** Da get elo mol uecht. we' én de' verschidden Zéchen muss gin. (en hiewt de Fanger a weist — komm — de Jang könt op en duer, so'bal we' en op zwe' Schreck bei em ass, weist en mat der flâcher Hand halt, — de Jang bleiwt ston, — da weist en em den Dösch erem, — de Jang micht et) Da probe'ert emol eng ke'er selwer, Hèr Geiz.

**Geiz:** mecht grad we' de Fritz et gemâch huet, — de Jang follegt, wann en den Tour em den Dösch gemâch huet, gét e bis bei den Hannergrond. dre't sech eng ke'er zackeg em a bleiwt ston.

**Fritz:** Wann der e gèr a Ro'stellong setzt, — da brauch en nämlech ké Strom, — da mâcht der einfach eso'. (e weist mam Fanger bei e Stull an dann erof).

**Jang:** (gét bei de Stull, mat enger eckeger Bewegong setzt en sech. — So'fort get baussen ausgeschalt, an et he'ert op mat brommen.

**Fritz:** Dat ass geduecht fir Strom ze spueren, wann der grad neischt ze don huet fir en. oder zum Beispill Nuets, setzt der en an Ro'hstellong, da kommt der dreimol so'lang mat der Batterie.

**Geiz:** Dat ass jo ganz praktesch geduecht, könt der e vleicht nach eppes ustellen, fir datt ech besser Bescheéd wéss fir spe'der.

**Fritz:** Gewess gèren, wat huet der nach ze mân? Vleicht d'Stu
kihren?

**Geiz:** Meija, do wier ech gespant, we' dat geng.

**Fritz:** Wann der en eppes eso' ustellt, musst der et richte
weisen, wat gemengt ass, da gét en sech d'Geschirr selwe
sichen a get sech net bis en et huet, da könt en, a mich
seng Arbecht fein a propper.

**Geiz:** Wo' ass so' eppes awer nömme me'glech?

**Fritz:** Einstweilen nach Amtsgeheimnis, da get emol uecht. (
weist mam Fanger op, — de Jang stét op — dabaussen ge
den Apparat ageschalt — da weist de Fritz' fir ze kihren
dann an d'Kichen an zreck an dann nach eng ke'er fir z
kihren).

**Jang:** (ass stramm stoe bliwen bis de Fritz opgehalen huet ma
weisen, da gét en aus,, könt gleich drop mat der Kihrbisch
a fengt un ze kihren, wo' e Stull hönnert, reckelt en dén o
d'Seit anduerno nés op seng Platz, e kihrt den Dreck o
d'Kichendir zo', wann e fèrdeg ass bis duer, dre't en sec
em a bleiwt ston.

**Fritz:** (weist mat der lenker Hand we' wann én eng klen
Schöpp duerhält a mat der Rechter, we' wann én mat de
klenger Handbîscht den Dreck drop kihrt, da weist en o
d'Kichen an zreck.

**Jang:** (gét mat der Kihrbîscht fort, könt mat der Handschöp
an Handbîscht erem, kihrt den Dreck drop, dre't e fort, kön
nés bis an d'Dir a bleiwt do ston.

**Fritz:** Da weist dir hien emol a Ro'hstellong, Hèr Geiz.

**Geiz:** (micht grad we' de Fritz et gemâch hat.

**Jang:** gét bei de Stull a setzt sech,, — dobaussen get ausgeschalt).

**Geiz:** Dat do ass wirklech wonnerbar, a we' ass eso' eppes
me'glech, ech gratule'ren zo' dér Erfindong. (e get dem Fritz
d'Hand).

**Albert:** Gelt Monni, dat hätt der dém jonge Mönsch net zo'getraut. Wann alles klappt, gin ech sein Associé, hien mecht
dann de' technesch Arbechten, an ech de' kommerziell.

**Geiz:** De' Idi wier nach guer net schlecht.

**Fritz:** Huet der lo grad soss keng Arbecht me', zum Beispill Kléder auszebîschten. Schong wichsen, Grompere schielen, oder wat nach? Et gét elo nach an engems, well et gét nach bal eng halew Stonn zo' e'er mein Zuch gét.

**Geiz:** Wann e geng Grompere schielen, doriwer ge'i meng Kächen sech fréen, sie get well âl a wier fro', wann si op de' Mane'er eng Höllef krît.

**Fritz:** (weist mam Fanger, op).

**Jang:** (stét stramm — et get ageschalt).

**Fritz:** (micht de Geste vum Grompere schielen, weist op d'Kichen, an zreck op e stull dén zimlech no vir stét, datt én e gudd geseit.

**Jang:** (gét aus, könt geschwönn drop erem, an enger Hand e klenge Kueref' mat Gromperen, op de Gromperen leit de Kneip, an dér anerer Hand en Émerchen mat e besche Wâsser, e setzt sech op dé Stull dén e gewiese kritt hat, a fänkt un fein a propper Gromperen ze schielen).

**Geiz:** (kuckt e we'neg no, da sét en) Wonnerbar, einfach wonnerbar! Wier et net me'glech datt ech e könt behalen?

**Fritz:** Wann der drop halt, könt der en éventuell behalen. Dir könt awer och warden, bis ech de' e'scht Sendong aus der Schweiz kre'en, de' si bestömmt nach me' sche'n ausgeschafft, natirlech kaschten se och me' deier.

**Geiz:** Dén do ass mir sche' genug, sot mir wat der musst kre'en, an da si mir geschwönn éns.

**Fritz:** (bedenkt sech) Dat hei ass eigentlech d'Pro'fsteck, an e war well de' ganz Zeit am Gebrauch, fir Reklam ze mâchen, losse mer son 2500 Frang, de' aner komme bal so'vill a schweizer Geld, wat mengs du Albert, 2500 Frang ass bölleg, mè well et dei Monni ass - - -

**Albert:** Wéss de wat Fritz, grad well et mei Monni ass, ges du en fir 2000 Frang, an da get net me' driwer geschwât, gelt Monni, so' sit dér averstanen.

**Geiz:** Jo ganz gèr, zo' dém Preis kann ech mech wirklech net bekloen an en ass mir sche' genug. Én Ableck, ech gin direkt d'Geld huelen. (rechts of).

## 13. Szén.

**Albert:** Bravo Jang, du hues deng Sâch ausgezéchent gemâch, fuer nach e beschen eso' virun bis mir weit genug fort sin, an da fenks de un, mei Monni a Verzweiflong ze brengen, an dann benotzt de de' e'scht bescht Geléenhét, vir unzedrecken. Du wärs gesin, wanns de duerno als richtege Jang eremköns, gess de mat offenen Ärm empfangen.

**Jang:** Ech wärt mei bescht don. datt et zo' engem gudden Enn gét, a son der schon am Viraus merci fir dei patenten Afall zo' déer Kur. De' nächste ke'er wa mer ons treffen, son ech der Beschéd we' et augangen ass. Ech son iech nach hurteg äddi, well derno kommen ech net me' derzo'. (e get en d'Hand) Dat schlömmst ass fir net ze platzen mat lâchen. e Gleck datt ech d'Mask op hun, soss ge'f ech et net packen.

**Albert:** Mei le'we Jang, mâch dat nömmen net, soss ass alles verroden, da kanns du gleich dei Päckelche mâchen an ech duerf mech nie me' hei weisen.

**Jang:** Keng Angscht, ech wéss wat um Spill stét, he'ert, ech mengen mein Hèr ke'm erem. (e setzt sech a schielt Grommperen).

## 14. Szén.

**Geiz:** Da kuckt emol, jongen Hèr. (en zielt d'Geld op den Dösch).

**Fritz:** (zielt no a stecht et an sei Portefeuille) Et ass ganz richteg, Hèr Geiz, merci, a vill Fréd mam Roboter. (en höit e Bloc aus der Täsch, schreiwt eppes drop a récht dem Geiz den Ziedel) Hei ass d'Quittong mat der Garantie, de Roboter ass zwé Jor lang ge'nt all Konstruktio'nsfehler garante'ert. E Konstruktio'nsfehler ass natirlech net wann en eppes falsch micht, well dir e falsch gewiesen huet. Sit der net zefridden dermat, an dir meld et bannent acht Deg, kommen ech iech nach eng ke'er weisen, oder wann dir et verlangt, huelen ech en nés mat, an dir kritt èrt Geld anstandslos retour.

**Geiz:** Ech mengen dat ke'm net a fro, so'weit ech bis elo gesin hun.

**Albert:** Et ass awer ömmer gudd ze wessen, awer Monni, lo get et he'ch Zeit fir ons fir op den Zuch.

**Geiz:** We', gés du dann och mat? Ech hu gemengt du gengs bleiwen fir z'iessen.

**Albert:** Et war eso' geplangt, mir wollten allebe'd bleiwen, mei Frönd muss awer am Nomötteg op de Patentbüro an ech sin an de Prüfongen, do wöll ech mei freien Nomötteg benotzen fir mech nach weider virzebréden.

**Geiz:** Dat ass eng verständeg Idee, da kann ech dech natirlech net zreckhalen. (e greift an d'Täsch a get dem Albert eng Enveloppe) Dann do, da solls d'awer trotzdém net eidel ausgon.

**Albert:** Villmols merci, Monni, an äddi bis d'Vakanz. (e get him d'Hand).

**Geiz:** Äddi, mei Jong, a le'er fleisseg, datt dei Frönd hei der de Rang net ofléft.

**Fritz:** Keng Angscht fir èren Neveu, dé schneid de' ke'er bestömmt gudd of an de Prüfongen. Da son ech iech och Äddi, Hèr Geiz, et get Zeit fir ons, (e get em d'Hand) A vill Gleck mat èrer neier Höllef.

**Geiz:** Äddi, jonge Mönsch, mâcht eso' weider, da git der nach Weltberühmt. (de' zwe'n gin lâchend of).

### 15. Szén.

**Geiz:** Dann héscht et nach ömmer, de Jonktem ass gèckeg, dat kann é vun dénen zwe'n do awer net son, so' verständeg hun ech mein Neveu nach net gesin, dat könt bestömmt dohir, dat en dén dichtege jonge Mönsch fir Frönd huet. D'Spréchwuert sét net fir neischt: «So mer mat wiems de emgés, an ech son der wiens de bass». Elo sin ech nömme fro', datt ech him de' 500 Frang gin hun, de' hien selwer sengem Frönd rofgemârt huet, eng E'er ass dér anerer wert. Awer junge, junge, (e gét durch d'Zömmer a reift sech d'Hänn) wat wèrt de Jang staunen, wann en eremkönt, an e fönd so' e Remplassang hei, duerop fréen ech mech énzeg. Wat hat hien da fir Ursâch fir sech eng aner Platz sichen ze gon, so' schlömm war et dach net gemengt. Wat huet

mein Neveu dem Jang seng Partie gehalen, wann ech et recht bedenken, huet hie mir eigentlech eng fatzeg Priedegt gehalen o'ni datt ech et bal gemirkt hun. Ech war jo vleicht e besche weit gâng, am fong kann de Jang guer net derfir, dat ech mech muss me' aschrenken, en hätt duerfir awer net brauchen direkt fortzelafen. Nujé, loss ech mer de Kapp net me' driwer zerbriechen, et ass nun émol geschitt et ass neischt me' ze mân. (e gét virun de Jang ston a kuckt em no) Nén, nén, wo' ass eso' eppes me'glech, et get dach gescheit Käpp op der Welt. Elo get mol eppes probe'-ert, kucken op en och me' se'er kann. (e rift) Hé!

**Jang:** (schielt ro'eg weider).

**Geiz:** Ah ja, et muss é weisen. (e fiert mam Fanger virum Jang erdurch).

**Jang:** (kuckt op).

**Geiz:** (weist e soll me' se'er schielen).

**Jang:** (micht et, awer schneid nömmen dran, schielen so' deck we' e Fanger.

**Geiz:** So' ass et net gemengt. (e fiert nés mam Fanger vir lanscht).

**Jang:** (kuckt nés op).

**Geiz:** (hiewt d'Hänn virun d'Gesîcht a weist fir ganz reng ze schielen.

**Jang:** (hölt eng Gromper, hält se och virun d'Gesîcht a schielt ganz reng, awer so' lues we' e kann.

**Geiz:** Nén, du verstés dat net richteg, awer we' soll ech em dat nömme beibrengen? Nujé, en huet der och genug geschielt fir haut. (e weist mat der Hand — halt —).

**Jang:** (le'sst d'Gromper an de Kneip an de Kuerf falen a bleiwt po'lrîcht setzen.

**Geiz:** Aha, dat huet geklappt, kuck et leit nömmen drun fir richteg ze weisen, dat kre'en ech och nach eraus. (e weist mam Fanger op, dann op den Émerchen mat de Gromperen, op d'Kichen an zreck).

**Jang:** (stét op, hölt den Émerchen a gét fein dermat an d'Kichen).

**Geiz:** (stét bei der Dir em nozekucken) Wonnerbar, en dre't se op d'Wäsch önner de Krunn, so'‚ass et richteg.

**Jang:** (könt bis bei d'Dir a bleiwt ston).

**Geiz:** (ass ho'freg) Lo kann en emol d'Fläsch an d'Glieser ausdron, kucken op en och wéss wuer de' kommen. (e weist mam Fanger 1 - 2 - 3 op d'Fläsch an d'Glieser, an dann eng ke'er jitz virlanscht, we' wann e wöllt son, fort dermat).

**Jang:** (könt e Schrack me' no, micht och 1 - 2 - 3 a schle't dann mat engem Schlag d'Fläsch an d'Glieser vum Dösch erof, da stét hien erem we' e Stack.

**Geiz:** Mamm, oh Mamm, dat do war meng Schold, 't ass awer net so' einfach. We' soll ech em dat beibrengen, fir datt en elo d'Schirbelen ewech micht? Ah, lo wéss ech et nés, dat hat ech jo nogekuckt. (e weist fir ze kihren, op d'Kichen an zreck an nach eng ke'er fir ze kihren).

**Jang:** (mecht alles regelrecht, wann en alles beienén huet, dre't en d'Kirbischt aus, könt bei d'Dir a bleiwt ston.

**Geiz:** 'T ass we' ech son, 't ass nömmen dat richteg weisen, wat é muss kennen, wann ech net nonén kommen, muss den Erfinder mol en Dag selwer kommen, fir mech ze weisen. (e weist mat der lenker Hand fir d'Schöpp ze halen, mat der Rechter fir mat der Handbischt drop ze kihren, dann an d'Kichen an zreck).

**Jang:** (bleiwt ro'eg ston a micht just de' selwecht Gesten no, we' de Geiz.

**Geiz:** (reselt de Kapp).

**Jang:** (reselt en och).

**Geiz:** A we' ass dat do dann nés. (e get schon ongedölleg) Losse mer emol eppes anescht probe'ren. (e weist op de Kuerf, dann an d'Kichen an da mam Fanger rof, onglecklecherweis weist en dobei grad op den Dösch).

**Jang:** (hölt de Kuerf, gét dermat bis an d'Kichen, könt nés gleich dermat erem a schött de rescht Gronperen mat engem Ruck op de' Platz vum Dösch, wuer de Geiz gewiesen hat, so'dass se zu alle Seiten erofrullen, da le'sst en de Kuerf och nach falen a stét do we' ugewuess.

**Geiz:** (schle't d'Hänn um Kapp zesummen).

**Jang:** (mecht dat selwegt, stét dann erem ro'eg).

**Geiz:** Oh Mamm, oh Mamm, wat fenken ech dann elo nés un, we' brengen ech him dat bei, datt en nés Uerdnong hei schâft? (e micht en Zéchen mam Fanger — opgepasst —).

**Jang:** (micht dat selwegt).

**Geiz:** (hölt e puer Gromperen a werft se an de Kuerf).

**Jang:** (hölt der grad so'vill a werft s'och an de Kuerf, bleiwt da ston).

**Geiz:** (reselt hefteg mam Kapp).

**Jang:** (ebenfalls).

**Geiz:** (an enger Roserei) Ma dat do ass dach fir ze baschten. (e weist eifreg op e puer Gromperen de' dorömmer leien an dann an de Kuerf).

**Jang:** (mecht gené dat selwecht).

**Geiz:** (hölt nés en etlech Gromperen a werft se an de Kuerf).

**Jang:** (micht et och, bleiwt da ston.

**Geiz:** (jeitzt) Wann ech d'Arbecht muss selwer mâchen, brauch ech dech net.

**Jang:** (stét onbeweglech).

**Geiz:** (eseit datt him neischt anescht iwreg bleiwt, e werft nés e puer Gromperen an de Kuerf.

**Jang:** (och, so' fueren se da virun bis se all opgeraf sin).

**Geiz:** (rîcht sech op, botzt de Schwéss of a gét hin an hier).

**Jang:** (micht de Geste vum Schwéss ofbotzen no a gét och hin an hier).

**Geiz:** So' get et och alt neischt, ech muss mol eppes probe'ren wat e scho gemâch huet, vleicht fannen ech dann dat richtegt nés eraus. (e weist op e Stull e soll sech setzen)

**Jang:** (micht et direkt - et get ausgeschalt).

**Geiz:** Jo natirlech, wat all Lidderhanes an all Efalt kann, dat kanns du och, da wart, da muss de dat anert eweil och mâchen. (e weist nach eng ke'er fir d'Handbischt an d'Schöpp huelen ze gon).

**Jang:** (stét op (e get ageschalt) gét seng Sâchen sichen, héwt d'Glas op wat en zesumme gekihrt hat, a gét an d'Kichen dermat).

**Geiz:** Do hun ech etlechmol gemengt de Jang wir stautesch, dat do ass awer noch honertmol schlömmer, lo sin ech gespant, wo' en et ausschött (e kuckt interesse'ert no wann de Jang ausgét, op émol jeitzt en). Nén, nén, net eluer! 'T ass ze spe't, well en huet alles an den Emerchen mat de Grompere geschott, well sin de' och hin.

**Jang:** (könt bis an d'Dir a bleiwt do ston).

**Geiz:** Et ass net alles Gold wat blenkt, dat gesinn ech well schon, lo sin d'Glieser gebrach, d'Gromperen kann ech ewechschödden, an dobei ass d'Stuff an den Dösch bedreckst we' ech se nach net gesinn hun. We' kre'en ech en elo so' weit, dass en et bekäppt fir den Dösch ofzeman? (e micht de Geste vum Dösch ofbotzen, weist op d'Kichen, zreck, an nach eng ke'er fir ofzeweschen).

**Jang:** (gét an d'Kichen, könt mat engem properen Torschong erem, dén e beschen ugefîcht ass, a fenkt un den Dösch of ze wöschen).

**Geiz:** Well huet en den Torschong amplatz d'Duch. (e jeitzt so' hart we' e kann) Häls de wuel op du Knaschtert!

**Jang:** (firt ro'eg virun).

**Geiz:** (gét just de' aner Seit vum Dösch wo' de Jang stét, zimlech no bei, a rennt him mam Fanger virun der Nues erduerch.

**Jang:** (ganz fleck, micht dat selwegt a rennt dem Geiz mam Torschong durch d'Gesîcht).

**Geiz:** (rosen, reisst de Kapp zreck, fuchtelt we' wöll mat den Ärm a rennt hin an hier) Ass so' eppes nach erlabt.

**Jang:** (de' aner Seit vum Dösch, mecht dat selwegt, bleiwt de Geiz ston. bleiwt hien och ston, léft en hin an hier, da léft hien och. En huet den Torschong nach ömmer an der Hand.

**Geiz:** (bleiwt mat engem Ruck ston).

**Jang:** (och)

**Geiz:** (bröllt) Dre's de dén Torschong wuel aus!

**Jang:** (re'ert sech net).

**Geiz:** (micht e flotte Geste mat der Hand, we' wann e wölt son — eraus dermat!).

Jang: (mecht de Geste nach me' flott no a werft dobei dem Geiz den Torschong an d'Gesîcht).

**Geiz:** (ass den e'schte Moment paff, greift dann an der Roserei e Stull a micht we' wann en dem Jang e wölt op de Kapp schlon).

Jang: (net faul, mecht grad so', sie stin en Ableck so' dréend gengt enén, den Dösch töschend sech.

**Geiz:** (setzt de Stull nidder a bröllt) Well hun ech es grad genug! (e rennt bei d'Dir a weist eraus).

**Jang:** (le'st sech dat net zwémol son, setzt de Stull nidder a schréckt mat flotten, zackege Schrött op d'lenks Dir zo an eraus).

## 16. Szén.

**Geiz:** (kuckt him e we'neg no, bedenkt sech) Wat hun ech dann elo gemâch. (e rift hart) Hé, halt, komm erem, hé, hé! Oh, da laf bei der Deiwel, du hues mech rose genug gemâch. (e le'sst sech op e Stull falen a wöscht de Schwéss of) Oh mei, oh mei, we' konnt ech nömmen so' rafalen fir ze glé-wen, so' eppes könt en Hausdenger ersetzen. Oh wart, Albert, wanns du an d'Vakanz köns, dann huelen ech dech mat den O'ren, datts du nach gehollef hues, mir dén Automat op ze henken, (e bedenkt sech) Ma nén, hien huet mer eigentlech guer net derzo' geroden, wann ech mer d'Sâch iwerléen, en huet so'guer wîrtlech gesot, «Wann so' en Automat schon eppes wonnerbares ass, e kann awer nie en Hausdenger ersetzen an zemol ké we' de Jang». Et ass meng Schold ganz eleng, well ech et e besche ge'nt de Jang setzen hat, an du nach doduerch, datt en sech soll eng aner Platz sichen, wollt ech him eng andon, a wiem hun ech eng agedon? Mir, mir ganz eleng. De' 2000 Frang si fort, well ké Schrack gin ech fir en erem ze kre'en. (e stét op) Nömmen en dausend Gleck, datt de Jang net komm ass

iwerdém, soss hätt en sech nach an d'Fauscht gelâcht an ech wier fir ömmer bei him blame'ert. Lo bleiwt mer neischt anescht iwreg, we' selwer hei propper ze mâchen, fir datt nömme ké frét wat hei geschitt ass. (en hölt den Torschong mat fort. könt mam Duch a mat der Kihrbischt, wöscht den Dösch of, kihrt d'Stuff a kihrt den Dreck zur Kichen aus, iwerdém wo' e schwätzt) Schliesslech man ech mech net me' midd wann ech d'Arbecht selwer mâchen ass we' wann ech all Geste muss weisen a mech dobei nach krank iergeren, well et allke'er falsch ass. Datt eso' eppes vleicht gudd ass an enger Fabrick, fir eppes hei ze huelen an duer ze setzen, dat ka sin, awer fir mech ass et neischt, neischt an nach eng ke'er neischt. Wann ech mech âcht Deg misst so' remploen, wier ech fèrdeg fir no Ettelbréck. Ech muss kucken datt ech mam Jang nés eng Énégong kre'en, 't ka kaschte wat et wöllt, lo gesinn ech ere'scht wat e mer wert ass. (en ass an dér Zeit ferdeg gin mat kihren. e könt d'Duch huelen, dre't et aus, iwerdém wo' en rakönt, könt de Jang als richtege Jang ugedon zur anerer Dir eran).

### 17. Szén.

**Geiz:** (net onirröndlech) Ah Bonjour. durf é vleicht froen wo' den Hèr hirkönt, a wat dat fir Mane'ren sin, fir fort ze gon, o'ni mir eppes ze son, an nach grad wo' ech fort war, an aner Leit am Haus sin?

**Jang:** Eren Neveu, den Albert wärt iech jo gesot hun wuer ech gânge sin, an dén Entschloss, fir mer eng aner Platz ze sichen ass mer ere'scht komm we' dir fort wart, soss hätt ech gefrot fir können ze gon.

**Geiz:** Da kanns du dech nach ewell se'er entschle'ssen, fir eng Platz opzeginn, wo's de schon iwer zeng Jor wars.

**Jang:** 'T ass mer schwe'er genug gefall, wat ass mer dann anescht iwreg bliwen?

**Geiz:** So', hun ech dech da vleicht fortgescheckt?

**Jang:** Dat wuel net, mè dir huet mir an déne leschte Me'nt d'Liewen so' sauer gemâch. datt ech net me' kann so'

virun fueren. Wann ech och nömmen en Denger sin, da wier ech awer gèr als Mönsch behandelt.

**Geiz:** So' schlömm war de' Sâch dach awer net, et könt é mengen, ech hâtt dech zum mindesten all Dag eng ke'er gefriess, so' e Gesîcht michs de.

**Jang:** Jo, et ass mir decken Éscht, ech konnt jo mâche we' ech wollt, et war net gudd, an alles war ze deier, an alles zevill, an ech hun dach alles gemâch we' soss.

**Geiz:** Dat war et jo grad, wuerfir ech mech geiergert hun, du muss bedenken, dat durch d'Entwertong vum Geld mein Akkommes nömme me' en Dröttel vum Wert huet vu fre'er, an datt ech doduerch mech muss me' aschrenken.

**Jang:** Wat si meng erspuerte Suen dann nach wert, hun ech vleicht neischt verluer? Dann hätt ech och Ursâch granzeg ze sin. Wa meng Suen hire Wert behalen hätten, könt ech an e puer Jor ophalen mat schaffen, an op de Rente liewen, awer so' bleiwen ech en arme Jang, so' lang ech liewen.

**Geiz:** (wölt him d'Hand gin) Ech gesinn, ech hun der Onrecht gedon, da losse mer ons nés verdron, et soll dei Schued net sin, ech gin der vum E'schten un 100 Frang weider.

**Jang:** (huet d'Hand net geholl) Et ass schon ze spe't, ech hun eng aner Platz, a war mech scho virstellen. Heimat gin ech meng acht Deg.

**Geiz:** (ass ganz erfe'ert) Ass dat dein Éscht?

**Jang:** Mei vollen Éscht, ech hun zo'gesot, a kre'en dobei 250 Frang de Mo'nt weider.

**Geiz:** (gét e puermol an der Stuff op an of a bedenkt sech, op émol bleiwt e virum Jang ston) Wann ech der de' dann och gin, an ech verspriechen der, dech an Zo'konft ro'eg deng Arbecht mâchen ze lossen we' et fre'er war?

**Jang:** (bedenkt sech en Ableck, da sét e mat fester Stömm) An dém Fall son ech de' aner Platz nés op a bleiwe bei iech a wärt derfir suergen, datt et iech net Léd get!
(sie kucken sech an d'A'n, gin sech d'Hänn a röselen se kräfteg, iwerdém fällt de Rideau).

---